Kodéier Challenge Zykle 2

De Kevin eleng doheem

Villäicht kenns Du de Film „Kevin - Allein zu Haus“. De Kevin ass eleng doheem a virun der Dier laueren den Harry an de Marv, zwee Raiber, déi hie fänke wëllen. De Kevin ass awer ganz clever an hie baut eng ganz Rei vu Falen an Hindernisser op, fir datt si hien net kréie sollen.

Hie preparéiert zum Beispill den Teppech mat lauter Punaissen, schmiert d‘Gelänner mat schwaarzem Päsch an oder kippt rëtscheg Seef an d’Trapen: den Harry an de Marv sollen hie net ze pake kréien.

De Kevin huet just alles virbereet, wéi déi zwee Raiber d’Kellerdier opbriechen an an d’Haus erakommen. Elo muss et séier goen! Kanns du dem Kevin hëllefe, fir dee kierzte Wee bis a säin Zëmmer ze fannen, wou hien a Sécherheet ass? Selbstverständlech ouni a seng eege Falen ze geroden!

Hei ass de Plang vum Haus. Dee kanns Du och méi grouss op e Plakat molen.

Deng Missioun:

1. Beweeg Dech mat de Feiler ← → ↑ ↓ fir vum START bis an dem Kevin säin Zëmmer ze kommen. Op de groe Felder huet de Kevin eng Fal gebaut – déi kanns du dohinner molen.
2. Sief ganz kreativ a probéier richteg gutt Falen ze fannen – nëmmen dann huet de Kevin eng Chance.



Maach eng Foto vun dengem Plang mat alle Falen am Wee a schéck ons se op **educoding@men.lu.**